Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro Nummer 4170 vum 28. Abrëll 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser

Äntwert op d'Fro 1:

Op politeschem Plang setzt Lëtzebuerg sech konsequent a fir d'Fräiloossung vun all de politesche Gefaangenen am Iran, a notamment vun de Leit mat duebeler Nationalitéit.

De brittesche Premierminister Boris Johnson huet de 26. Abrëll annoncéiert, dass seng Regierung weiderhin alles wäert drusetzen, fir d'Madamm Zaghari-Ratcliffe zréck an d'Vereenegt Kinnekräich ze bréngen. Fir dës Efforte vun der brittescher Regierung net ze stéieren huet Lëtzebuerg bis elo keng konkret Schrëtt an dësem Fall ënnerholl.

Äntwert op d'Fro 2:

Op EU-Niveau ginn et zanter 2011 cibléiert Sanktioune géint déi Responsabel vu schwéiere Mënscherechtsverletzungen am Iran. Den 12. Abrëll 2021 huet de Conseil vun der Europäescher Unioun des Sanktiounen nach emol em ee Joer verlängert, an ausserdeem eng weider aacht Persounen an dräi staatlech Entitéiten op d'Sanktiounslëscht gesat, wéinst hirem Rôle an der Repressioun vun de Manifestatiounen am Iran am November 2019. Lëtzebuerg huet dëst vun Ufank un ënnerstëtzt a begréisst dës Decisioun.